| | |
|---|---|
| **Trinitareschen Ufank** | Am Numm vu Gott, dem Papp, dem Jong an dem Hellege Geescht |
| **Vaterunser** | Loosst eis opstoe fir d'Gebiet, dat den Här Jesus eis geléiert huet.<br><br>Eise Papp am Himmel, däin Numm sief gehellegt, däi Räich soll kommen, däi Wëll soll geschéien, am Himmel wéi och op der Äerd! Gëff eis haut eist deeglecht Brout. Looss eis eis Schold no, wéi och mir deenen, déi an eiser Schold stinn, se nogelooss hunn. A féier eis net a Versuchung ma erléis eis vum Béisen. Well dir gehéiert d'Räich, d'Muecht an d'Herrlechkeet bis an all Éiwegkeet. Amen. |
| **Absolutioun** | Am Optrag vum Apostel, dee mech geschéckt huet verkënnegen ech iech déi freedeg Noriicht: Am Numm vun eisem Här Jesus Christus, dem Jong vum liewege Gott, sinn iech d'Sënnen nogelooss. De Fridde vun deem, deen operstanen ass, sief mat iech! Amen. |
| **D'Hellegt Abendmahl gëtt ageleet** | *Virschlag fir d'Invitatioun*<br>Elo feiere mir d'Hellegt Abendmahl. |
| **D'Abendmahlskellecher ginn ofgedeckt** | *Virgeschloenen Text nom Ofdecke vun den Abendmahlskellecher*<br>Elo ass dem Här säin Dësch gedeckt. |
| **Consecratioun** | Am Numm vu Gott, dem Papp, dem Jong an dem Hellege Geescht, konsekréieren ech d'Brout an de Wäi fir d'Hellegt Abendmahl a leeën dorop d'Affer vu Jesus Christus, dat hien eemol bruecht huet an dat éiweg gëlle wäert. Well den Här huet d'Brout an de Wäi geholl, Merci gesot a geschwat:<br><br>Dat ass mäi Leif, dee fir iech hiergi gëtt. Dat ass mäi Blutt vum neie Bond, dat fir vill vergoss gëtt, fir datt d'Sënnen nogelooss ginn. Iesst an drénkt! Maacht dat, fir menger ze gedenken. Well all Kéier, wann dir vun dësem Brout iesst a vun dësem Wäin drénkt, verkënnegt dir den Doud vum Här, bis hien erëmkennt. Amen. |
| **Invitatioun fir um Hellegen Abendmahl deelzehuelen** | *Proposéiert Wieder fir um Hellegen Abendmahl deelzehuelen*<br>Elo invitéiert den Här iech op d'Hellegt Abendmahl.<br><br>*Eventuell Invitatioun vu Gäscht, fir um Hellegen Abendmahl deelzehuelen*<br>Ageluede sinn all déi, déi gedeeft sinn a sech zu Jesus Christus als den Här, zu sengem Doud, senger Operstéiung a sengem Erëmkomme bekennen. |
| **D'Hellegt Abendmahl gëtt gespent** | De Leif an d'Blutt vum Jesus fir dech (iech) ginn. |
| **Schlussseegen** | D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus, d'Léift vu Gott an d'Gemeinschaft vum Hellege Geescht sief mat iech all. Amen. |